



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Här President,

Am Kader vun der Froestonn vum 7ten Mäerz wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integreatioun eng mëndlech Fro stellen.

Dëst Joer si Gemengewalen a fir dës Wale gouf et eng wichteg Ännerung. Dëst Joer dierfen all auslännesch Matbierger mat wile goen an dat och wann si nach keng 5 Joer hei am Land wunnen. Et gëtt dofir eng offiziell Campagne vum Familljeministère, mat deem auslännesch Residente souwuel iwwert d'Ännerung am Walgesetz wéi och iwwert d'Aschreiwungsmodalitéite sollen informéiert ginn. Et sollen sech bis elo awer réischt 12,5 Prozent vun den auslännesche Matbierger, déi eigentlech walberechtigt sinn, ageschriwwen hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

Wat gedenkt de Ministère ze ënnerhuelen, fir elo nach kuerzfristeg méi auslännesch Matbierger ze errechen an ze mobiliséieren, fir sech an d'Wielerlëschten anzeschreiwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

